



Um Telefon.

(De Max, e Bo'f vu 6 Joer, setzt um Desch seng Aufgab ze mâchen. Eng Stuff, un der Mauer hängt en Telefonsapparat. Do schëllt et um Telefon.)

Max: (spréngt op) Mei Gott! den Telefon, an et ass kê bei nach no! Ech sin net eso' king! (Et rabbelt virun.) Maurice! Maurice —

Maurice: (e Bo'f vun 8 Joer kent eragestîrmt.) Wat ass?

Max: Den Telefon! Gês du drop?

Maurice: Ech kënne neischt, ech fërten.

Max: Wâr mei Papp dach hei! (Et schëllt virun.)

Maurice: Huos du da nach kémol gesin wann dei Papp telefone'ert huot?

Max: Ma dach, mè ech komme jo gur net un den Hörer!

Maurice: Wat ass dat?

Max: Mè dat ronnt Döppchen mat dém Greff do, hal dat un d'O'er!

Maurice: Dêt et dann och net we'h, Jong?

Max: Gur net!

Maurice: Kritt ên dann och kê elektresche Schlag?

Max: De Papp kritt dach kê. (Et schëllt emmer.) Da breng mer se'er de Stull.

Maurice: (klemmt op de Stull, hält den Hörer bei d'O'ren.) Et schwätzt ên. Max, ech he'ren en!

Max: Mè, da fro e wat e gèr hätt.

Maurice: Ja, wat gelifft? Hei sin de Max an de Maurice; de Maurice, dem Max sei Komerod — — — Meija — — Jo, mir sin elèng — kê Mensch ass dohém — — Max, et ass dei Mononk Louis vun . . . dén telefone'ert.

Max: Mei Mononk Louis! Da lôss mech lauschtern.

Maurice: Elo kent de Max sëlwer lauschteren.

Max: Allons! Bonjour Monni! — Nên, et ass kê hei — — — dir méngt eso' — mir schécken ons gutt. — — We'ni kommt der? Nach haut! Da si mer all fro'! Ech huolen d'Milchen alt erbei! — Ja? — — Do, lo he'ren ech neischt me' —

Maurice: Jong, dann ass en elo gebrach! O Jong!

Max: A wat soll da gebrach sin. Ech hu jo neischt dru gemâcht.

mer dann d'Verbindung gleich kre'en? — Gutt. Merci, Hèr Perzepter! (E klemmt erof.)

Maurice: Wat sot en?

Max: Hie ge'f gleich ufroen an ons da schèllen!

Maurice: Ass en do, wann et schèllt?

Max: Meija! Hie wèrd dach dohém sin!

Maurice: A wuor soli hien dann elo weît lafen? Geseis du, den Telefon war net gebrach!

Max: Ja, a wat soe mir elo zum Ho'secker?

Max: Ja, wat solle mer soen? Lôss mer en e bessche be's mâchen. Hie kènnt eis jo net!

Max: Hie wêss alles, Jong, ech sin net mat!

Maurice: Wêss de wat! Mei Papp sot, de Klésche ge'f an der Zeidong eidel Keschte sichen. Mir soen, hie soll heihinne kommen, mir hätten eng ganz Karecht — —

Max: An dann?

Maurice: Mei Gott, vir 12 Auer kann en dann net hei sin, an da si schon all Dire gespart. (Et schèllt.)

Max a Maurice: O mei!

Maurice: Dajé, Max, schwätz du!

Max: Schwätz du emol! Ech fèrten. Lôse mer verduften! (Et schèllt emmer.)

Maurice: Wârt, ech lauschteren emol, mè ech soe neischt. (Lauschtert.) Et ass den Ho'secker net, hie frét no dengem Papp.

Max: Da kann et e nach gutt sin. So, mei Papp wär fort.

Maurice: Allons! Den Hèr Kîschten ass fort. — Ja? — — Gutt, dat soen ech.

Max: Wat sés du?

Maurice: Et war e Pèrdshändler aus der Städt, mir solle soen dé ke'm mar nom Pèrd kucken.

Max: O Maurice, wat mein Hèrz klappt! — Wann et den Ho'secker gewiescht wär! — Wa mir alt kèng Dommhêt mâchen? —

Maurice: Jé, Topschwanz!

Max: Jo, du lêfs hêm, an da sin ech elèng hei!

Maurice: Efalt! Wat ass dann, wann en un d'Dir klappe kent? Da bass du schons lâng am Bett! (Et schèllt dreimol hannerenên.) —

Max a Maurice: O mei, do ass en.

Maurice: Et kann dé Pèrdshändler erem sin. Wârt, ech schwätzen. — —

Allons! Ass dé Pèrdshändler erem do? — — — Max, dén hei sét, hien hätt kê Pèrd, hien hätt en Iéssel.

Max: Ma dat ass e jo! —

Maurice: (sprengt se'er erof a le'sst alles furen.) Jo, et ass en! E schwätzt och eso' gelungen!

Max: Da bleif dach um Telefon!



Maurice: Max, ge' du! Hie ka jo net un dech kommen! Ge' du, du kènns dat besser!

Max: Ge' du!

Maurice: Max, fleiss dech! — Ge', soss ass e fort! —

Max: (gêt verzot) Allons! — Wien ass do? Aha, den Hèr Ho'secker! Sit dir et sèlwer, wann ech geliff? — Maur — hien ass et sèlwer — (De Maurice wöllt schons zur Dir aus, hält d'Dir am Grapp.) — Jo, Hèr Ho'secker, an der Zeitong stong, dir ge'ft eidel Keschte sichen. Kommt, an onsem Haus kritt dir eng Karecht! Ja, a Kîschten! — — Jo, et ass ganz secher! — Et ass égal, et ass emmer ên heihém... (kient erof) Maurice, hie kent. O Jong, hien hat eso' eng de'f Stemm, eng richtig Ho'seckerstemm! A wann en elo kent?

Maurice: Wëss de wat! Elo mâche mir ons ewèg.

Max: Mir könnten alt e puor eidel Keschten zesumme sichen.

Maurice: Mat e puor ass him net gehollef. A wo' solle mir dann eng ganz Karecht fannen?

Max: Du has awer gesot! —

Maurice: Et ass jo och neme fir den Ho'secker be's ze mâchen!

Max: Ech ge'f alt menger Mamm hir Hitt aus de Luoden erausgeheien.

Maurice: Ech hun och nach Fixspe'nskeschten dohém.

Max: A wat me'ch en domat?

Maurice: Sie wären emmer gutt fir Perlen dran ze din. An èr gro'ss Schwengskesch. Dat ge'f schons direkt eng Karecht.

Max: Hie brauch me' klenger, so' Zockerkeschten, Bo'neluoden.

Maurice: Sollen de' blechen och gutt sin?

Max: Ma gewess!

Maurice: Ja, eng Karecht fanne mir beim bèschte Wöllen net zesummen. Et ass jo och nemen e Spàss, fir den Ho'secker ze pengechen! We'ne' kent hien?

Max: Hie sot, hie ke'm direkt.

Maurice: Dat hèscht, net vir 12 Auer. Elo gi mer aus spillen, mir gesin en dann emmer d'Ströss erop kommen — an da get sech verdufft! Max, wat wèrd dén Ae mâchen, wa kèng Keschten a kèng Bo'wen hei sin.

Max: A wann en dann erem schèllt?

Maurice: Hie schèllt elo net me', hien ass vleicht schons um Wé. Hopp, komm! —

Max: Mir darfen awer net weît goen! (of.)

(D'Bo'we gin zo' enger Dir aus, den Ho'secker kent zur aner Dir eran.)

Ho'secker: Aha, dir Männercher, dir wesst net we' se'er den Ho'secker fihrt! Hei meng Siwemeilestiwelen a meng Wönsch am Sâck. Dir huot mech vun der Arbecht ewèggelackelt, fir de Gèck mat mir ze mâchen. Ech wëss et. Mè wârt! — Et mènkt ê sie ke'me schon erem!

Hurteg an den Eck verstoppt a ro'eg we' eng Meischen! (E verstoppt sech, dass kên e ka gesin.)

(D'Bo'we kommen erem mat enger gro'sser Kescht.)

Max: Hei wär jo schons eng.

Maurice: Soll en dra goen?

Max: Wien?

Maurice: Ma so emol, wa mer den Ho'secker an de' Kescht hei kriter!
Kuck dé feinen Deckel!

Max: O Maurice, dat ge'f Jux. Mè!

Maurice: Wat ass do ze mäen?

Max: Mir packen en net!

Maurice: Dei Mononk Louis ge'f ons vleicht hellefen!

Max: Aja, mei Mononk Louis soll kommen! Lôsse mer s'emol duor an den Eck sêzen.

Maurice: Ge' du en Hummer a Nél sichen, fir den Dèckel drop ze nélen, an dèr Zeit schreiwen ech dem Ho'secker nach en Ziédel. (E schreiw) Hèr Ho'secker, dir wèrd mid si vun èrem Trappen. Rascht hei an der Stuff, wa kên hei ass. Mè, kraucht net an d'Kescht do. Nu mâcht ass d'Zeit iech net lâng get. Max & Moritz!

Max: (kent mat de Nél.) Wat huos de geschriwen?

Maurice: (liést. — Den Telefon schèllt.)

Max: Do! Ech wètten, elo telefone'ert en, e ke'm net. (Sie sprangen allebe'd op den Telefon.)

Maurice: Allons! Wien ass do? — Dé jongen Ho'secker! Dem Ho'secker sei Jong!

Max: (an enger Fréd.) Dem Ho'secker sei Jong! Da so, sei Papp hätt de Bart gesèngt.

Maurice: Dei Papp huot jo de Bart gesèngt! (E lâcht.)

Max: Wat sèt en?

Maurice: Sei Papp soll hurteg kommen, d'Kuchemännercher wären ugebrannt. — Sin d'Boxen da mat verbrannt?

Max: So, sei Papp se'tz a Vîtzen an hätt eng Deck un! —

Maurice: Dei Papp setzt a Vîtzen an huot eng Deck un! —

Max: (lôss mech och èppes soen.) Dei Papp setzt a Kîschten an enger gro'sser Kescht mat engem Deckel drop.

Ho'secker: (kent aus dem Eck eraus.) Fir wien ass de' Kescht? (D'Bo'we furen natirlech zesammen, an de' Krêsch.) Aha, dir Männercher!

Max & Maurice: O Hèr Ho'secker!

Maurice: Et war de Max.

Max: Et war de Maurice, dén do.

Ho'secker: Et waren s'allebe'd! Hopp, (hölt eng Geissel eraus) allebe'd an d'Kescht! (Elauter Krêsch) Wöll der net.

Maurice: Hèr Ho'secker, ech muss nach ausgoen! —

Ho'secker: Nèn, era gèst du! Viv! — Ech wèrd iech schons le're mir meng Zeit ze stiélen, elo grad an der mèschter Arbecht, an de Gèck mat dén âle Leit ze mâchen! Allez! — (Elauter Krêsch.) So' — an elo den Dèckel drop!

Max & Maurice: O Mamm! O Papp! —

Ho'secker: Ech brauch nach zwe'n eso' Bo'we beim Uowen! Dir könnt Kome'di schloe we' der wöllt, dir huot mech jo geruff. Wann ech och nemen eng Kescht kre'en, de' ass jo geföllt. — A nun telefone'ert fir den Auto —

Max & Maurice: O lósst ons hei, le'wen Hèr Ho'secker. Mir mâchen de Gèck net me'! —

Ho'secker: (Um Telefon) Allons. Zockerfabrik Diekirch, wann ech geliff — — Aha, dat ass fein — ech bleiwen da stoen — — Wöllt der wuol ro'eg sin, dir zwê Markollefen! — — Allons. — Sin ech op der Zockerfabrik? — Jo, bong. Ech sin hei zu — — am Haus Kîschten an hun eng deck Kescht mat Wuore fir Malzkarmèllen! (Aus der Kescht: Hu! Hu! —) Scheckt mer direkt en Auto. — — Ass grad ên an der Ge'gend. Bong. — Bonjour! —

Dat gêt jo we' geschmiert! — Eng Minuttchen, den Auto kent a fort ma de Be'wen. Kucken, wien de Bart gesèngt kritt. !Aus der Kescht: Hu! Hu!) Löss mech nom Auto kucke goen .. (of.)

Max & Maurice: En ass fort — — En huot sech neme verstoppt. (Sie jeitzen erbärmlech, klappen a rênne mat Fe'ss un d'Dil.)

De Mononk Louis: (kent eran) A wat ass dat fir e Kome'de'!

Max: O Mononk, le'we Mononk, mir setzen an der Kescht!

Louis: Dat he'ren ech! We' ass dat gângen!?

Max: O Monni, löss ên eraus! —

Louis: (brecht den Dèckel op.) Do, a wat ass dat?

Max & Maurice: O, den Ho'secker, ass e fort? Dèn Ho'secker wöllt Malzkarmèlle vun ons mâchen.

Maurice: Ech wèrd ni me' de Gèck mat em mâchen.

Max: Ech och net.

Louis: Ah, 't ass em de' Zeit! Da vif fort, ech mâchen de' Sâch da mam Ho'secker an d'Rei.

Max & Maurice: Eddi a merci!! (fort.)

Louis: So' fängt ên d'Föx!

